



► **M. Eugène Berger (DP).**- Neen, ech hunn lech eng Fro gestallt.

► **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.**- Jo, jo, jo. Dofir äntwerten ech lech och elo op dat, wat Dir mech gefrot hutt. Mä vu datt den Här Lux jo den Ausgangspunkt dovu wor, denken ech, datt dat dote jo am Kader... Well et wor mir wéi lech, ech wor och net am Land gewiescht. Dofir hunn ech och nëmmen héieren aus der...

► **M. Eugène Berger (DP).**- Da geet alles schif!

► **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.**- Da geet alles schif. Wa mir zwee net do sinn, dann ass alles op der Kopp. Do gesitt Der et jo!

**(Hilarité)**

Mä ech denken, datt et eng vun deene Propositione wor, iwwert déi am Kader vum Budget diskutéiert gouf, fir ze soen, wou ee sollt a wou een eventuell kéint kucken, datt een Aspue- runge kéint maachen. Wa mer do e Pak beie- neekréien, deen all deene verschiddene Sensi- bilitéiten entsprécht a wou och jiddwereen en Opfer dra bréngt, dann ass et duerchaus méig- lech, datt een och ka kucken, wat een do mécht.

Dat, wou ech mech dergéint wieren, ass selbst- verständlech, datt mer géifen ufänken an datt mer nëmme schwätzen driwwer, wat gespuert gëtt bei de Chèque-servicë respektiv bei dem Kannergeld. Wa mer also am grouse Ganze Moosname fannen, fir de Budget an d'Rei ze kréien, dann ass dat eppes, wou mer musse ku- cken: Wat ass da sënnavoll? Wat ass net sënnavoll? Ech hunn och bis elo net héieren, vu ken- gem, wat da prezis dat ass, wou d'Strenz ass, wat prezis dat ass, wou sollen Aschränkun- gen...

**(Interruption)**

Jo, ma gären, Här Meisch! Da kucke mer dat an dann denken ech, datt mer och doriwwer kënnen eens ginn. Wéi gesot, an engem Ge- samtpak, deen hëlleft, fir d'Lëtzebuurger Finan- zen erëm an d'Rei ze kréien.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.**- Merci der Madame Fa- milljeministes. Domadder wäre mer um Enn vun der Froestonn. Mir kommen dann elo zu enger Question élargie, nämlech der N°23 vum Här André Bauler iwwert den Transport vun handicapéierte Leit. Den Auteur vun der Fro huet fënnf Minutten Zäit, fir seng Haaptfro an no der Äntwert vum Minister seng Zousazfro virzedroen. Der Regierung stinn zéng Minutten zou. Den Här Bauler kritt elo d'Wuert.

## 5. Question élargie n°23 de M. André Bauler sur le transport de personnes handicapées

► **M. André Bauler (DP).**- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, mir hu viru Kuerzem hei am Haus d'UN-Konvention iwwert d'Rechter vu Mënsche mat Behënnerung gestëmmt. E wichtige Paradigmewissel an deem Text ass, datt d'Mënsche mat Behënnerung sollen an hirer Autonomie gestärkt ginn, fir datt se sech fräi entwëckelen an um gesellschaftleche Liewen deelhuele kënnen.

Eng wichteg Viraussetzung ass dofir an den Ae vun der Demokratescher Partei d'Bewegungs- fräiheet. Fir kënnen enger Ausbildung oder enger Aarbecht nozegoen oder och u kulturelle beziéungsweis sportlechen Aktivitéite kënnen deelzehuelen, si Mënsche mat Behënnerung op e speziell fir si adaptéierte System vun öffentle- chem Transport ugewisen. Ouni dee wiere si vun hirer Émwelt ofgeschnidden a géifen e groussen Deel vun hirer Autonomie verléieren.

Aus deem Grond kënn dem Transport vu Mënsche mat Behënnerung eng besonnesch Wichtegkeet zou. An deem Beräich gëtt et awer eng juristesche Grozon. D'Fro stellt sech nämlech, wéi eng Responsabilitéiten d'Firmen an hir Chaufferen hunn, déi den Transport vu Mënsche mat Behënnerung assureieren.

Am Moment ass et esou, datt d'Responsabilitéit vum Chauffeur, reng juristesche gekuckt, sech nëmmen op den Transport beschränkt. Wou eng Persoun mat Behënnerung erausklëmmt, wie se an Empfang hält a wat nom Verloosse vum Bus geschitt, dëst ass alles net gekläert.

Esou konnt et da viru Kuerzem passéieren, datt e Minibus säi geplangten Itinéraire net ageha- len huet an e jonke Mënsch mat Trisomie 21 ausserplangméisseg an der Géigend vun der Stater Gareerausgelooss huet. Dee Jonke war

total desorientéiert an huet sech offensichtlech an en Zuch Richtung Ettelbréck gesat. En huet d'Nuecht am Fräie verbruecht, an eréischt den Dag drop gouf en op engem Camping total traumatiséiert erëmfonnt.

Hei sinn déi Bedeelegt nach eng Kéier mat engem grouse Schreck dervukomm. Elo stellt sech d'Fro: Wéi gëtt den Transport vu Kanner a Jugendlechen op anere Plazen organiséiert? Am Beräich vum Schoultransport hunn d'Chauffe- ren eng kloer Feuille de route, un déi se sech hale mussen. An do wëssen d'Membere vum Léierpersonal, wat fir ee Kand a wat fir engem Bus ass beziéungsweis a wat fir ee Bus klamme soll a wat fir Consignen do ze beuechte sinn. An eenzelne Gemenge fuere souguer Eltere mat, fir derfir ze suergen, datt während dem Transport Uerdnung am Bus ass.

D'Chaufferen hunn also kloer Virschreften. An esou soll et och beim Transport vu Persounen mat Behënnerung sinn. Et kënn wierklech op d'Feuille de route un. Eng Feuille de route, op där ënner anerem och d'Coordonnéee vun den Elteren, besonnesch d'Téléfonsnummere vun den Elteren dropstinn. Virun deem Hanner- grond muss ee sech d'Fro stellen, wéi een den Transport vu Mënsche mat Behënnerung esou gestalte kann, datt een hir Autonomie maximal fördert an awer genuch Sécherheet bitt.

Dofir meng Froen un d'Madame Ministesch, wéi si deser Situation well begéinen: Éisch- tens, wéi sollen d'Kanner an de Bussen an Emp- fang geholl ginn? Zweetens, wat gesäit d'Kon- ventiou vum Ministère mat de Busentreprise vir? Drëttens, wéi kann deenen ënnerschiddle- che Graden un Autonomie vu Mënsche mat Behënnerung Rechnung gedroe ginn? Véier- tens, wéi kënnen d'Chauffere gebrieft a sensibi- liséiert ginn? Fënneftens, wéi gëtt also eng ver- antwortlech Gestiou vun desen Transporter organiséiert?

Et besteet effektiv e Flou artistique a Saachen Zoustännegkeet a Verantwortung. Zurzäit sinn dräi Ministerë betrafft: d'Famille, d'Éducation an den Transport. Dofir heescht et hei, Kloe- rheet ze schafen, souwuel a Saache Verantwor- tung wéi Zoustännegkeet a Sécherheet. Et be- deit och, d'Chaufferen ze sensibiliséieren, fir datt si an alle Fäll au préalable Bescheed wë- sen, wéi se sech ze verhalen hunn.

Ech wier frou, wann d'Madame Ministesch, déi jo an deem Dossier de Lead huet, eis soe kéint, wat fir Schrëtt ënnerholl ginn, fir des Situation ze verbesseren.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Bauler. An d'Wuert kritt elo direkt d'Madame Famillje- ministesch, déi schonn do ass.

► **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.**- Merci, Här President. Ech well soen, datt ech hei ënnert der Kontroll vun dem Transportminister schwätzen, well d'Fro u mech gericht ass, mä awer eigentlech eng ganz Partie vun deenen héite Froe Respon- sabilitéiten an Organisationsfroen vun dem Mi- nister vun dem Transport sinn. Mä vu datt elo grad ewell gesot ginn ass, et wier jo nëmmen eng Regierung, da probéieren ech, dorobber ze äntwerten. An dat, wat ech elo net weess oder net richtig weess, selbstverständlech kann do- robber de Claude Wiseler äntwerten.

Ech denken, datt et och interessant ass fir d'De- putéiert ze héieren, wat dee Behënnerttrans- port ubelaangt, datt all Dag 569 Busse mat 2.500 Leit ënnerwee sinn, fir eben ze kucken, datt déi Leit entweder an e Centre vun der Édu- cation différenciée komme respektiv op eng Plaz, wou se an e Atelier kommen, fir dann hir Formatiounen ze maachen.

Et sinn ongeféier 50 Centres, déi domadder ofgedeckt ginn, véier verschidden Zorte vu Bus- ser, déi do fueren, an do ginn ech mech elo net drun, fir ze erklären, wéi eng datt dat sinn. D'Majoritéit dovu sinn awer Minibusse mat maximal nëng Plazen dran; 25 Entreprises, déi dee Service ubidden an exklusiv Privatunter- nehme sinn. An déi fueren opgrond vun engem Accord-cadre, dee se mat dem Transportminis- ter ausgehandelt hunn, ouni iwwer en Avis, iwwer e Marché public ze fueren.

All déi eenzel Servicier, all déi eenzel Centren hunn een extrae Bus, dee bei si dohinner kënn. Dat wor jo eng vun Äre Froen, Här Bauler, gewiescht, fir ze kucken, wéi datt dat géif fonc- tionnéieren. Den Transportministère passt och drop op, datt d'Leit am Generellen net méi wéi 60 Minutten ënnerwee sinn. Dat kann an een- zelne Fäll méi laang daueren, well entweder eng speziell Behënnerung do ass oder awer och well d'Eltere wëllen, datt e Kand oder e Jugend- lechen oder een Erwuessenen - wéi et och ëm- mer ass, eng behënnert Persoun - éischter op déi Plaz higeet wéi datt se op eng aner Plaz hi- geet. Mä wéi gesot, de Ministère mécht sech d'Méi, fir ze kucken, datt deen Transport net méi wéi 60 Minutten dauert.

De Ministère ass och terribel flexibel, well iwwer 3.000 verschidde Modifikatiounen kom- men all Joer eran, fir erëm dee Service do unze- passen, a wou dat dann heiansdo vun engem Dag zum aneren nei gefrot gëtt. Vun deene Courssen, wou ech lech gesot hunn, sinn der 203, déi an d'Éducation différenciée ginn, wat 43% vun deene Persounen mat Handicap aus- maachen, déi transportéiert ginn; an d'Atelier- protégée sinn et 40%, an da sinn nach 3% vun deenen Transporter, déi an d'Centre-psychogé- riatique ginn.

Den totale Coût pro Joer, dat heescht also, de Präis 2011 ass ronn 35 Milliounen Euro. Ech denken, datt dat eppes ass, wat een och muss verhalten, wou mer och gesinn, datt dat an deene leschte Joren och ëmmer zougeho- huet, well ebe wierklech individuell probéiert gëtt... Oft ginn déi Kanner oder déi Jugendlech oder déi Persounen doheem ofgeho-ll, an déi ginn och erëm zrëck bei sech doheem - wéi soll ech dat soen? - erausgelooss vun deenen, wou se matfueren.

Dir hutt awer elo ee Fall zitéiert, wou effektiv e Chauffeur drop wor, deen och net gewinnt wor, dorobber ze fueren, a wou dat geschitt ass, wat selbstverständlech jo net dierf virkommen. Mä op der Welt gëtt et jo Saachen, déi virkommen, och wa se net dierfte virkommen. Dat do wor eng vun deenen, déi sécher séier bedauerlech ass, virun allem fir dee behënnerte jonke Mënsch selwer, mä och fir déi Famill, déi dat selbstverständlech enorm do opgeree- gt huet.

Et ass mat dem Ministère eng Formatioun, déi gemaach gëtt fir op de Bussen, a wou se och kucken, datt och eng Formatioun fir Éischt Hël- lef gemaach gëtt. Mä wou déi Formatioun bis elo fakultativ ass, dat ass op de Minibus- sen. An do ass och de Ministère amgaangen ze iwwer- leeën, opgrond vun där Zuel vu Leit, déi och mat ëmmer méi schwéiere Behënnerunge mat an esou Minibus- sen oder a Busse fueren, fir dat och do obligatoresch ze maachen. Ech denken u Persounen mat Autismus oder awer eeler Leit, déi kënnen Alzheimer hunn, wou et also wichteg ass, datt jiddwereen dat weess.

An esou, wéi den Här Bauler et gesot huet, sinn net d'Chauffere responsabel, déi op deene Busse fueren - déi si responsabel fir den Trans- port, mä awer net fir d'Betreiung do ënner- wee -, mä an der Éducation différenciée ass et eigentlech d'Éducation différenciée, déi dofir d'Responsabilitéit huet an déi och vu jiddwer- engem vun hire Leit, déi do transportéiert ginn, eng plastifizéiert Kaart matgëtt mat enger Foto drop vun där betroffener Persoun, mam Ge- buertsdatum, mat dem Centre, wou se higeet, mat der Adress doheem a selbstverständlech och mat deene verschiddenen Téléfonsnum- mern derbäi.

A wéi gesot, wann dee Chauffeur vun deem een- zelne Fall, wou Der do geschwat hutt, dat gewoust hätt, hätt dee selbstverständlech mis- sen déi Elteren uruffen an deene soen, esou an esou ass dat, da wier deen dote Misär selbst- verständlech net geschitt.

Also, ech muss soen, an deene laange Joren, wou ech an dem Familljeministère sinn, sinn zwee oder dräi Fäll - wou dat richtig ass, datt, wann et der zwee oder dräi sinn, datt et der zwee oder dräi ze vill sinn - virkomm. Mä et ass awer eppes, wou ech muss soen, datt déi Leit, déi dat maachen, dat mat engem ganz grouse Seriö maachen. Datt een ëmmer nach ka selbst- verständlech och Verbesserung maachen, ass déi aner Fro. Mä ech denken, datt ee sech ebe muss iwwerleeën, ob een an der Zukunft ka mat deene Formatiounen..., ob déi eben och op d'Minibus- sen do kënnen erweidert ginn.

Eng vun de Froen, déi ëmmer erëm gestallt gëtt, ass selbstverständlech och déi vun dem Accompagnement vun esou Transporter. Wann een awer weess, datt een esou vill där Busser am Asaz huet, da weess een natierlech och, wann een iwwerall do nach eng Persoun der- bäisetzt, datt dat natierlech nach derzou géif bäidroen, fir nach erheblech méi finanziellen Opwand ze ginn, wéi dat bis elo de Fall ass.

Voilà! Ech géif elo emol Merci soen an da waar- den ech of, wat den Här Bauler mech nach ze froen huet.

► **M. le Président.**- Här Bauler, wëllt Dir nach eng Zousazfro stellen?

► **M. André Bauler (DP).**- Bon, eng vun de Froen war just déi, ob an där Konvention të- schent dem Ministère an de Busentreprisen dat do am Fong geholl géif prezisiéiert ginn, spezifi- zéiert ginn, fir dann am Fong geholl dat do ex- tra nach eng Kéier an Evidenz ze setzen. Dir hutt vun de Formatiounen vun de Chaufferen an de Busentreprisé geschwat. Ech mengen, dat ass en Element, wat ganz wichteg ass: Sensibi- liséierung, Formatioun, an eben och d'Fro, ob een dat do eventuell kéint an d'Konvention mat aschreiwen, datt et ee fir allemol kloer ass. Merci.

► **M. le Président.**- Madame Ministesch, wann ech gelift.

► **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.**- Also, an de Forma- tiounen an an de Kontrakter iwwert déi aner dräi Zorte vun Transportbussen, déi et gëtt, do ass dat an dem Kontrakt dran. Wéi gesot, do, wou et fakultativ ass, dat ass an de Minibus- sen. An, wéi gesot, ech mengen, den Transportmi- nister ass hei, en huet Är Suerge mat héieren. An et ass sécher eppes, wat och fir den nächste Kontrakt, dee mat deene Leit ausgehandelt gëtt, méiglech ass, fir ze soen: „Hei, mir weiten dat elo op d'Minibus- sen aus.“ Wat, ech mengen, méi eppes wier, wat ze réaliséiere wier, wéi fir ze soen: „Mir kënnen och nach or- ganiséieren, datt mer an all eenzelnen Trans- port och nach eng Personne d'accompagne- ment derbäi hunn.“

Merci.

► **M. le Président.**- Merci der Madame Fa- milljeministes. Domadder wär dese Punkt och ofgeschloss. Mir kommen dann elo zum éischte Projet de loi vun haut de Mëtteg, nämlech dem Projet de loi 6161, eng Ofänne- rung vum Gesetz iwwert déi handicapéiert Leit. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht, an et hu sech bis elo ageschriwwen: den Här Berger, d'Madame Dall'Agnol, d'Madame Lor- sché an den Här Colombara.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Emile Eicher. Här Eicher, Dir hutt d'Wuert.

## 6. 6161 - Projet de loi portant modification

### 1. de la loi modifiée du 12 septembre 2003 relative aux personnes handi- capées;

### 2. du Code du travail;

### 3. de la loi modifiée du 31 juillet 2006 portant introduction d'un Code du travail

#### Rapport de la Commission de la Famille, de la Jeunesse et de l'Égalité des chances

► **M. Emile Eicher (CSV), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Ge- setzesprojet 6161, iwwert dee mer haut of- stëmmen, schreift sech an eng Well vu Gesetz- zer an, déi zum Zil hunn, eis Gesellschaft méi ge- recht ze maache fir Mënsche mat Behënne- rung.

Éischt Etapp an deser wichteger Démarche wor d'Gesetz vum 28. Juli 2011, dat d'UNO-Kon- ventiou iwwert d'Rechter vu Mënsche mat Be- hënnerung a Lëtzebuurger Droit ëmgesat huet. De Gesetzesprojet 6161 muss am Liicht vun där Konvention betruucht ginn. De Gesetzes- projet, grad wéi d'Konvention, enthält ee Pa- radigmewissel, deen doranner besteet, datt déi behënnert Persounen net als Leit duerge- stellt ginn, déi Hëllef brauchen, mä als Matbier- ger, déi mat hirer Behënnerung wëllen en nor- maalt, eegestänneg an en erfëlltent Liewe féie- ren.

Duerfir mussen d'Obstaclen aus de Féiss ge- schaf ginn, déi de behënnerte Mënschen hir Onofhängegkeet huelen. Niewent der Accessi- bilitéit an der Mobilitéit, dem Logement an der Ausbildung ass de Beruff ee vun de Garanten, wann net deen Haaptgarant fir en eegestän- negt an erfëlltent Liewen.

De Respekt vun der mënschlecher Dignitéit, d'Recht op Aarbecht, d'Recht, seng eege Choixen ze treffen, zielen zu den Haaptgrënn, fir déi mir haut iwwert de Gesetzesprojet 6161 ofstëmmen. Duerfir gëtt d'Gesetz vum 12. Sep- tember 2003 iwwert d'Leit mat Behënnerung an e puer Aspekter ofgeännert. Eng éischt for- mell, mä awer fundamental Ännerung besteet doranner, datt d'Termen „Travailleur handi- capé“ duerch „Salarié handicapé“ ersat ginn. Dës Ännerung ass engersäits duerch d'Gesetz vum Statut unique vum 13. Mee 2008 be- déngt, well dëst Gesetz d'Bezechnunge wéi „Travailleur“, „Ouvrier“, „Employé privé“ an „Employé“ duerch „Salarié“ ersetzt. Anerersäits awer ass des terminologesch Ännerung och Ausdrock vun der Ratio legis, vum Geescht vun deem Gesetzesprojet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Beruff, dat ass e reelle Garant vun der indivi- dueller Fräiheet. Ouni finanziell ofgeséchert ze sinn, gëtt et keng Onofhängegkeet.

Ech hu virdu scho gesot, datt dese Gesetzes- projet een Deel vun engem Paradigmewissel ass. Dese Paradigmewissel besteet och doran- ner, datt Leit mat Behënnerung net méi als Tra- vailleurs handicapés ugesi ginn, mä als normal Salariés mat alle Rechter a Flichten, déi dese Statut bedéngt. Fir Salarié ze ginn an ze bleiwen, si fir jiddweree vun eis zwou Saache





wichtig: eng zolidd Ausbildung an eng gutt Berufserfahrung.

Fir Leit mat Behënnerung ass den Zougang zu Formation a Berufserfahrung net ëmmer einfach. De Gesetzesprojet ännert dat duerch zwee wichteg Changementer.

Éischtens, de Stat dréit an Zukunft zu 100%, an net nëmmen zu 80% de Salaire vu Leit, déi an engem Atelier protégé schaffen. Schonn am Gesetz vum 12. September 2003 wor virgesinn, datt de Stat kéint bis 100% vun de Salairé vun enger behënnerter Persoun bezuelen. Den Atelier protégé ass keng zouen Infrastruktur, mä huet och als Zil, Mënsche mat Behënnerung op eng normal Aarbechtsplaz virzebereeden. Dës Moossnam ass doduerch justifiéiert, datt d'Behënnerung soll kompenséiert ginn, well se zu engem groussen Deel och doduerch entsteet oder besser gesot verschlémmert gëtt, well eis Gesellschaft net ëmmer behënnertegerecht funktionéiert.

Zweetens, wat de Volet Formation ugeet, sou gesäit de Gesetzestext och nach vir, datt an Zukunft de Stat d'Käschten dréit fir Formation, Orientatioun a fir déi professionell Integratioun an och Reintegratioun.

En plus kënnen déi Leit, déi un enger evolutiver Krankheet leiden an déi dowéinst musse speziell Formationen maachen, fir kënnen weider am Beruff ze bleiwen, an Zukunft esou vill zousätzleche Congé kréien, wéi se brauchen, fir dës Formationen ze maachen. Dës Dispositiounen verbesseren zweifelsouni d'Méiglechkeet fir all Salarié handicapé, duerch adaptéiert Formationen säi Potenzial besser ze notzen.

Weder de Salarié selwer nach seng Famill brauchen sech, wéi dat bis haut de Fall ass, un den Onkäschten vun der Formation ze bedeelegen. Dëst ass besonnesch wichtig, well jo och net jiddwereen d'Méiglechkeet huet, fir déi Käschten selwer ze droen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet 6161 dréit och zur Vereinfachung vun der Prozedur bäi. Ouni wëllen op den Detail anzegoen, géif ech nawell gäre folgend Punkten ervirhiewen.

Éischtens, d'Gesetz vum 12. September 2003 féiert de Revenu fir schwéierbehënnerter Leit an. De Gesetzesprojet ergänzt dës Prestatiounen duerch eng zousätzlech Logementshëllef. Doduerch brauchen déi concernéiert Persounen net méi extra eng Demande iwwert d'RMGs-Gesetz ze maachen, fir esou eng Hëllef unzefroen, mä kënnen dat elo direkt iwwert dëst Gesetz maachen.

Wann eng Persoun Bénéficiaire vum Revenu fir schwéierbehënnerter Leit ass, dann huet de Fonds national de la solidarité am Fall, wou déi Persoun stierft, e prioritäert Recht op d'Successioun vun där Persoun duerch d'Androe vun enger Hypothék. Dat ass näischt Neies a steet och schonn haut esou an dem RMGs-Gesetz.

Ech wëll awer bemierken, datt, wann de Conjoint vun der verstuerwener Persoun nach an deem hypothéquéierten Haus leeft, da kann de Solidaritéitsfong seng Hypothék net geltend maachen, bis dës Situatioun sech geännert huet.

Zweetens, d'Gesetz vum 12. September 2003 gesäit vir, datt den Travailleur handicapé als Demandeur d'emploi bei der ADEM muss ageschriwwen sinn. Dës Exigenz gëtt och ëmgeännert, an zwar esou, datt de Salarié handicapé muss disponibel si fir eng Aarbechtsplaz. Disponibel ass jiddwereen, deen e Beruff zu Lëtzebuerg därff ausüben. Domadder gëtt d'Gesetz vum 2003 an déi aktuell Terminologie vum Code du travail ugepasst.

Drëttens, eng Demande, fir als Salarié handicapé unerkannt ze ginn oder fir e Revenu fir schwéierbehënnerter Leit ze kréien, gëtt vun der Commission médicale iwwerpréift. Wann dës Kommissioun feststellt, datt d'Demande net richtig ass oder se hätt missen aneschtens formuléiert ginn, da brauch den Demandeur keng nei Demande méi ze maachen. D'Commission médicale requalifiéiert déi Demande da selwer, andeems se vum Demandeur eventuell nach nei Pièces freet.

Véiertens, et ännert sech och eppes um Niveau vun de Recoursen. Bis elo konnten d'Décisiounen vun der Commission médicale fir d'Éischt virun der Commission de réexamen attackéiert ginn. Elo mat deem neie Gesetzesprojet gëtt en direkte Recours beim Conseil arbitral des assurances sociales an duerno en Appel bei engem Conseil supérieur des assurances sociales agefouert.

Nëmmen d'Décisiounen vun der Commission d'orientation et de reclassement professionnel ginn nach virun d'Spezialkommissioun, déi am Artikel L.527-1 vum Code du travail virgesinn ass.

Fënneftens: Zulescht géif ech vläicht nach gären ënnersträichen, datt de Gesetzesprojet

och eng Dispositioun enthält, déi déi sougenannten duebel Immunisation vum Revenu betrëfft. D'RMGs-Gesetz gesäit vir, datt bei der Bestëmmung vum RMG 30% vum Revenu fir schwéierbehënnerter Leit net mat considéréiert ginn. Doduerch kann dës Revenu bis zu 30% méi héich sinn, wéi u sech vum Législateur gewollt wor. De Revenu fir schwéierbehënnerter Leit sollt eigentlech dem RMG entsprechen. De Gesetzesprojet 6161 gesäit duerfir vir, datt an Zukunft de Revenu fir schwéierbehënnerter Leit bei engem Calcul vum RMG ganz matabezu gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Chambre des Métiers an d'Chambre de Commerce hu sech ganz positiv iwwert dës Gesetzesprojet ausgeschat.

D'Chambre des Salariés an de Centre pour l'égalité de traitement maache sech awer Suerge mat dem Recours direct virum Conseil arbitral des assurances sociales, deen duerch d'Ofschaf vum der Commission de réexamen entstanden ass. Si fäerten, datt de Conseil arbitral mat Affären iwwerlaascht kéint ginn.

Ech géif hei awer gären dozou ënnersträichen, datt de Conseil arbitral sech d'Moyenë gëtt, fir dës Recoursen effikass a schnell ze traitéieren. Et besteet och weiderhin d'Méiglechkeet vun engem zousätzleche Recours en appel virum Conseil supérieur des assurances sociales.

De Statsrot begreist a sengem Avis vum 21. Juni dës Gesetzesprojet. En hat nach eng Fiche financière gefrot, déi d'Regierung dunnech och nogereecht huet. Niewent enger Rei vu klengen Textverbesserungen huet sech déi héich Kierperschaft d'Fro gestallt: Wat sinn d'Konditiounen, fir eng professionell Aktivitéit zu Lëtzebuerg ze exercéieren?

D'Kommissioun huet heibäi prezisiéiert, datt déi Konditioun erfüllt ass, wann een eng Autorisation de travailler zu Lëtzebuerg huet.

Opgrond vum Statsrot sengem zweeten Avis huet d'Kommissioun och proposéiert, eng direkt Referenz am Gesetzesprojet op d'Dispositiounen vum Livre II, Titre II, Chapitre II vum Code du travail ze maachen. Dës Dispositiounen regelen de Salaire social minimum. D'Salairé vun de Mënschen, déi an Ateliers protégés beschäftegt sinn, ginn domadder un de Régime général ugepasst, ouni datt hei eng Diskriminatioun géif entstoën.

Och wann de Statsrot den Term „Travailleur handicapé“ besser fénn, huet d'Kommissioun awer decidéiert, den Term „Salarié handicapé“ bäizebehalen, well et ebe just drëm geet, Ënnerscheeder ze iwwerwannen a fir Gläichbehandlung ze suergen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet ass sécherlech technesch, mä en ass e wichteg Zännrad an engem Ensemble vun enger ganzer neier Législatioun, déi dës Gesellschaft méi gerecht soll maachen.

Et geet ëm net méi an och net manner wéi elementar Mënscherechter, déi fir jiddweree gëllen: d'Recht op Aarbecht, d'Recht, säi Liewe selwer ze bestëmmen, kuerz gesot, et geet ëm de Respekt vun der mënschlecher Dignitéit, déi mat dësem Gesetzesprojet gestärkt gëtt.

Ech ginn duerfir op alle Fall den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet an hoffen, datt Der lech deem kënnt uschlëssen.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Rapporteur Emile Eicher. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Eugène Berger agedroen. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

► **M. Eugène Berger (DP).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kollegen, rezent - et ass nach net esou laang hier - hu mer d'UNO-Konventioun fir d'Rechter vun den handicapéierte Matmënschen an der Chamber gestëmmt. A mir mussen awer wëssen, trotz dësen Texten an trotz ville gudden Absichtserklärungen ass eis Gesellschaft nach ëmmer net inklusiv an nach ginn net ëmmer all déi néideg Efforté gemaach, fir de Mënsch mat engem Handicap optimal an d'Gesellschaft ze integréieren.

Ech kann och eigentlech nëmmen hei haut dat rappeléieren, wat ech deemools bei menger Ried gesot hunn, och e bësselchen, géif ech soen, zum Deel eegekritesch, wann ech mech als Member vun dëser Chamber kucken, well, wa mer eis als Chamber kritesch ënnert d'Lupp huelen, musse mer feststellen, datt mer och hei am héijen Haus an deem Sënn Defiziter hunn: Den Accès fir Behënnerter an eise Sitzungssall oder och op eis Zuschauertribün ass net optimal. Fir daf Matbierger hu mer hei keng systematesch Iwwersetzung prett. Ech kéint nach aner Saachen opzielen.

Et ass also och noutwendeg, datt mer net nëmme Gesetzter an dem Beräich Handicap an der Chamber stëmmen, mä se och selwer hei eescht huelen.

Ech wëll och nach eng Kéier drun erënneren, datt mat der UNO-Konventioun och e Paradigmewissel op d'Politik an d'Gesellschaft duerkënnt. Bis elo ass d'Gesellschaft gäre mat den Handicapéierten esou ëmgaangen, wéi wa si speziell Objekten wieren, déi ee misst versueren. An deem Sënn kann een och verschidde Gesetzter aus der Vergaangenheet interpretéieren, déi mer hei zu Lëtzebuerg gestëmmt hunn.

D'UNO-Konventioun stellt elo kloer, datt déi handicapéiert Matbierger ënner engem aneren an enger richteger Bléckwénkel, nämlech deem vun de Mënscherechter, musse considéréiert ginn. Si si keng speziell Wiesen, déi Sonderrechter brauchen; si si Mënschen, Matmënschen, déi mussen eigentlech alleguerten déiselwecht Rechter kréie wéi alleguerten déi aner och. Net méi an net manner! Dat Gesetz, wat mer haut diskutéieren, kann a muss een och an dee Kontext setzen.

Mir hunn et hei mat enger Modifikatioun vun engem bestehende Gesetz vum 2003 ze dinn, wou de Rapporteur schonn all Detailer gesot huet. Ech wëll och hei dem Rapporteur Merci soe fir säin detailléierte Rapport.

Ganz kuerz déi grouss Eckwäerter. En huet se och scho gesot. Mä déi, déi fir eis och wichtig sinn, dat ass, datt de Stat also dann zu 100% de garantierte Mindestloun vun den agestellten Handicapéierten iwwerhëlt an den Ateliers protégés an datt doduerch déi Concernéiert - géif ech soen - op eng gewëssen Aart a Weis eng eege Pai kréien an och voll als berufflech aktive Mënsch unerkannt ginn.

En zweete Punkt ass deen och, datt d'Käschten vun der Formation - d'Weiterbildung, d'Zousatzbildung an esou weider - iwwerholl ginn. Och dat schéngt eis noutwendeg, fir den Handicapéierten all Chancen ze ginn, um Aarbechtsmarché ze evoluéieren, an datt se och dann do eventuell zousätzlech Chancen an der Berufswelt kréien oder sech eben och kënnen op hirer Aarbechtsplaz verbesseren.

Een drëtten Punkt, deen och wichtig ass, dat ass, datt déi verschidde Prozeduren alléigiert ginn, insbesonnesch, datt se, wa se dee Statut hu vum Handicapéierten, dann net mussen iwwert de Wee vun der ADEM goen. Ech mengen, dat ass eng Plo gewiescht. An dat ass wierklech och e positive Punkt.

Ech mengen, mir als DP begreissen op alle Fall déi Ännerungen a kënnen duerfir de Projet och stëmmen.

Ech wëll awer och drop hiweisen, datt hei kéint eng Gefor leien, datt zum Beispill d'Tendenz kéint kommen, datt Leit mat engem Handicap verstärkt an Ateliers protégés - ech géif emol soen - agewisen oder ofgewise ginn an datt dann d'Employeuren, den „normalen“ Aarbechtsmarché, fir dat dann emol esou ze formuléieren, datt déi da manner interesséiert sinn un den handicapéierte Matmënschen, fir déi anzustellen, a sech soen: „Okay, wa se an Ateliers protégés sinn, dann iwwerhëlt jo de Stat komplett d'Pai. Dann hu mir also manner Verantwortung.“ Ech mengen, dat dierf op alle Fall net passéieren.

Duerfir wier et och vläicht gutt, wann ee géif, ech soen net regelméisseg, mä awer déi eng oder aner Kéier am Laf vun deenen nächste Jore vläicht e kuerze Bilan maachen a kucken, wat dann opgrond vun dësem Gesetz an der Praxis geschitt ass.

Ech wëll awer och iwwert de Gesetzesprojet hei eraus nach e puer Remarquë maachen. Ech wëll eben och drun erënneren, datt och mat dem Vote vun der UNO-Konventioun a mat dësem Gesetz, dat mer elo haut hei da stëmmen, een net der Meinung soll sinn, datt a puncto Integratioun a Mënscherechter vu behënnerter Matbierger wierklech alles elo an der Rei wier hei zu Lëtzebuerg. Loin de là! Mir musse kucken, datt mer eis deeglech Praxis an nach aner Gesetzter eben och un d'Konventiounen (veuillez lire: Konditiounen) vun der UNO-Konventioun upassen.

Ech hat et virdru scho gesot, datt mer eis selwer hei an der Chamber mussen och verbesseren. An et gëtt och eng Rei aner Beräicher hei zu Lëtzebuerg, wou weiderhin Handlungsbedarf besteet.

Ee Beräich zum Beispill, wou nach eppes ze verbesseren ass, betrëfft den Zougang zu de Gebaier - deenen öffentlechen, deenen anere Gebaier, Wunnengen. E Stat misst do jo och mam gudde Beispill virgoen. Och do ass datt net iwwerall haut de Fall. An et ass jo och d'Associatioun „Nëmme mat eis“, déi ëmmer erëm op déi Problematik zum Beispill hiweist. Och hu mer hei an der Chamber do scho Gesetzter gestëmmt 2001, mä nach ëmmer bestinn do eng Rei Barrieren.

Datselwecht gëllt och fir d'Mobilitéit an den öffentlechen Transport. Mir haten elo grad virdrun hei och nach eng Fro vum honorabelen André Bauler, déi - bon, de près et de loin - awer och an dee Beräich geet. Och do si weiderhin Defiziter ze vermierken.

E leschte Beräich, deen ech awer wierklech och nach eng Kéier wëll opzielen a wou d'Regierung wierklech gefuerdert ass, ass dee vun der Éducatioun. An dat huet awer och e ganz klere Kontext oder e Lien mat deem, wat mer haut stëmmen. Fir mech ass nämlech de Beräich vun der Éducatioun ee vun deene sensibelsten, wou een eng Regierung besonnesch kann dru moossen, wéi se et mat dem Respekt vun de Mënscherechter vun de Behënnerter hält.

D'Zil muss et jo sinn, fir ze versichen, fir esou vill wéi méiglech Kanner, jonk Mënsche mat Handicap an eis regulär Schoulen ze integréieren, souwuel an d'Grondschoul wéi och an de Secondaire, fir datt se dann eben herno all Chancen hunn um Aarbechtsmarché, all Chancë kënnen kréien an net nëmmen eleng op d'Ateliers protégés ugewise sinn.

An ech muss wierklech feststellen - ech sinn dat net eleng -, datt d'Tendenz do ass an der leschter Zäit, fir d'Kanner, Jonker mat Behënnerunge wierklech aus der Regelschoul, géif ech soen, net nëmmen erauszehuelen, mä praktesch och erauszuesortéieren, an datt dat wierklech scho bal wierklech do e System gëtt.

Här Fayot, et gëtt ëmmer méi. Och déi Zuelen, déi mer zum Beispill an der Éducatiouskommissioun,...

► **M. Ben Fayot (LSAP).** - Ech kann nëmmen de Kapp réselen!

► **M. Eugène Berger (DP).** - ...wou Dir jo President sidd, wou mer dat mat Zuelen ënnerluecht kréien, datt ëmmer méi jonk Mënschen aus der Grondschoul aussortéiert ginn an an d'ÉDIF verwise ginn. Och déi Saachen, déi ech an der Press gelies hunn elo vun deem Projet, deen um Instanzewee oder geschwënn um Instanzewee ass, fir d'ÉDIF ze reforméieren, geet ganz kloer an déi Richtung.

Ech mengen, et ass jo kloer, d'Schoulcarrière vu behënnerter Kanner, déi direkt an d'ÉDIF ofgewise ginn, ass virgezechent, a si kréien dann herno all Chance verbaut, fir sech kënnen an d'Gesellschaft an och an d'Berufswelt ze integréieren.

► **M. Ben Fayot (LSAP).** - Dat ass net wouer, Här Berger. Dat ass falsch.

► **M. Eugène Berger (DP).** - Mir wäerten dat dann also nach gesi bei der Diskussioun vun deem Projet de loi, Här President.

Op alle Fall, ech wollt also iwwert de Kader vun dësem Projet de loi erausgoen. Mä dat hei sinn awer och Saachen, wann ech vun der Schoul schwätzen, déi awer direkt mat deem Projet de loi trotzdeem ze dinn hunn. Ech wollt déi kritesch Remarque ebe maachen, fir drun ze erënneren, datt trotz der UNO-Konventioun, déi mer gestëmmt hunn, datt trotz Gesetzter, déi mer gestëmmt hunn - an haut also nach eent stëmmen -, nach eng Rei Defiziter hei zu Lëtzebuerg bestinn an datt mer weider gefuerdert sinn, fir zousätzlech Efforten an deem Beräich ze maachen, fir datt déi behënnerter Matmënschen enges Dags wierklech kënnen an enger inklusiver Gesellschaft hei zu Lëtzebuerg liewen.

Dat gesot, géif ech awer och den Accord nach eng Kéier vu menger Fraktioun dozou ginn.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Berger. Als nächst Riednerin ass d'Madame Dall'Agnol agedroen. Madame Dall'Agnol, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Claudia Dall'Agnol (LSAP).** - Merci, Här President. Madame, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kollegen alleguerten, natierlech soen och ech am Numm vun der LSAP-Fraktioun dem Rapporteur Merci fir säin exzellente Rapport. Ech sinn och frou, datt dës Projet de loi endlech de Wee an d'Plénière fonnt huet, well et erëm ee Schratt ass méi wäit an der Ëmsetzung vun der UNO-Konventioun, déi mer jo virun enger Rei Méint hei am Haus mat grousssem Enthusiasmus gestëmmt hunn.

Ech soen och de Leit aus deenen zwee Ministère gär Merci, virun allem, well et e Projet ass, deen an enger enker Zesummenaarbecht tëschent der Familie an dem Emploi..., datt et an enker Zesummenaarbecht zu dësem Projet de loi ebe kouw. E Projet de loi, deen net nëmme wichtig ass, mä virun allem och néideg ass!





Et ass mir awer och wichteg ze betounen, datt doduerch, datt elo 100% vun de Salariatskäschten direkt vum Stat gedroe ginn, datt dat eng richtig Entscheedung ass, well een domadder eben d'Ateliers protégés net de Critères de rentabilité, déi et op eisem éischten Aarbechtsmarché gëtt, ënnerwerft.

Ech weess, et gëtt och eng Rei behënnert Leit, déi dat net esou gesinn, notamment och den Département vun den Travailleurs handicapés vum OGB-L, déi an hirem Avis soen, datt, wann automatesch 100% bezuelt ginn, net méi genuch Wäert drop geluecht géif ginn, fir déi behënnert Persoun op de sougenannten éischten Aarbechtsmarché ze kréien, an datt se esou ebe riskéiert, e Liewe laang an engem Atelier protégé festzehänken.

Ech hoffen natierlech, datt dat net de Fall ass, datt dat net geschitt an datt weiderhi jiddwereen, deen eben d'Méiglecheit huet, um normalen Aarbechtsmarché Fouss ze faassen, datt deen och dohinner orientéiert gëtt an datt em eben och gehollef gëtt, eng Plaz ze fannen.

Dee Schrëtt, 100% ze bezuelen, et soll een dat och esou gesinn, wéi datt d'ganz Sociétéit elo 100% vun de Käschte vum Handicap bezilt oder sech dorunner bedeelegt. Wat an eisen Aen net méi wéi richtig ass, well behënnert, dat ass kee fräiwëlleg, an et sicht och kee sech säin Handicap selwer eraus!

Mir begreissen natierlech och, datt d'Change-menter an den Artikelen 3, 4 an 8, datt mer doduerch eng Simplification administrative duerchgesat kréien. Wann ee weess, wéi schwierig et heiansdo ass, sech schonn als net behënnert Persoun duerch de Verwaltungsdschungel ze bewegen, da kann ee sech sécherlech virstellen, datt mer hei net kënnen dergéint sinn.

Mir sollen awer bei dësem Projet de loi och nach eemol iwwert d'Ausbildung vun de behënnerte Matmënschen nodenken. Well och hei geet ganz kloer aus de Chiffere vun der ADEM ervir, datt déi Leit, déi am schlechtesten ausgebilt sinn, och déi sinn, déi am mannste Chance hunn, eng Aarbecht um sougenannten éischten Aarbechtsmarché ze fannen.

Dat dierft elo eigentlech heibanne kee wunnen, well mer wësse schonn, wéi schwéier et hautdësdays ass fir eng net handicapéiert Persoun, eng Plaz ze fannen. Netdestotz hunn déi awer ëmmer nach méi Choix wéi eng behënnert Persoun, well se ganz dacks awer nach kënnen eng kierperlech Aarbecht unhuelen, wat an de seltenste Fäll bei enger handicapéierter Persoun méiglech ass. Duerfir wëll ech dann och nach eng Käier drun erënneren, datt mer eben am Domän Handicap, oder och am Domän Handicap musse Wäert leeën op eng gutt Ausbildung an och op eng gutt Orientatioun.

Mir suppriméiere jo och an dësem Projet de loi d'Limite vun 80 Deeg, wat de Congé de formation fir déi vun dësem Gesetz betraffe Persounen ubelaangt. Dat ass am Sënn - wat ech elo just sot - vun der Ausbildung natierlech nëmmen ze begreissen.

Ech wëlt awer och nach eng Remarque kuerz opgräifen, déi d'Salariatskummer gemaach huet, déi ganz zum Schluss vun hirem Avis schreift, datt se d'Regierung opgefuerdert hätt, an ech zitieren elo aus deem Avis: «...d'intégrer le projet de loi concernant la situation de revenu des personnes handicapées dans le projet de loi concernant l'incapacité de travail et la réinsertion professionnelle afin de faciliter la compréhension et l'application du texte.».

Si erklären dann och, firwat: nämlech, datt se Interferenze fäerten tëschent dësem Gesetz an deem vun der Incapacité de travail. Vlächtt kann d'Madame Minister herno e puer Wuert doriwwer verléieren. Och wann et net hiren Domän ass, sou weess se awer vlächtt, ob dat da wierklech esou ze realiséiere wär, wéi d'Salariatskummer sech dat an hirem Avis virstellt.

De Statsrot, deen hat jo dann och proposéiert, den Term „Salarié handicapé“ net ze gebrauchen an eben den Term „Travailleur handicapé“ stoen ze loossen. Dëst, well et hirer Meenung no sech ëm e Contenu juridique propre handelt. Mir hunn doriwwer jo an der Kommissioun och diskutéiert. Meng Meenung ass, datt mer dobäi bleiwe sollen an dat war och d'Meenung an der Kommissioun. Well wa mer d'UNO-Konventioun wëlle richtig uwennen oder ëmsetzen, dann däerfe mer net hei scho bei den Termen ufänken, eng Diskriminatioun anzeféieren. Well firwat wärend déi eng elo allequerte Salarié ginn, an déi aner, déi géifen Travailleurs bleiwen? Ech mengen, dat ergëtt kee Sënn.

Ech ginn elo net méi an op all d'Neierungen, déi mer an dësem Projet de loi aféieren, zum Beispill de Recours oder datt d'Personnes gravement handicapées och elo kënnen vun der Indemnité de logement bénéficiéieren. Dat ass vum Rapporteur an och vum Virriedner gemaach ginn. Vu datt mir als Sozialisten dës Neierungen och nëmme begreissen, mengen ech, brauch ech net nach laang hei driwwer ze schwätzen.

Zum Schluss wëlt ech awer nach eng Käier nahaken, wéi et dann elo fir d'Joer 2011 ausgesäit, wat dëst Gesetz ubelaangt. De Projet de loi, dee gouf jo am Juli 2010 déposéiert, an eng ganz Rei vun den Acteuren am Beräich vun den Travailleurs handicapés hunn domadder gerechent, datt se fir 2011 mat der 100%eger Prise en charge kéinte rechnen.

Wann ech de Statsbudget vun 2011 op der Säit 344, Artikel 31.051 kucken a wann ech mech do net géiert hunn, da gesinn ech, datt de Crédit limitatif et sans distinction d'exercice, wat déi Salaritätskäschten ubelaangt, ee gudder Krack an d'Luucht gaangen ass par rapport zum Joer virun, sou datt ech unhuelen, datt déi Suen do jo och scho virgesi waren. An ech mengen och, datt een elo d'Atelieren net dierft penaliséieren, just well mir e bësse méi laang gebraucht hunn, fir d'Gesetz hei ze stëmmen. Virun allem, well et sech och net ëm kleng Zommen handelt an d'Atelieren eben op déi Suen ugewise sinn, fir net an eng penibel Situation ze kommen.

Dat gesot, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Dir Dammen an Här Ministeren, ginn ech den Accord vun der sozialistescher Fraktioun fir dëse Projet a soen lech natierlech Merci fir d'No-lauchteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci der Madame Dall'Agnol. An als nächst Riednerin ass d'Madame Josée Lorsché agedroen. Madame Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Här President, Dir Dammen an Dir Härren, fir unzefänken ee grouse Merci un den Här Eicher fir säin ausféierleche Rapport. Dëse Projet de loi reit sech, wéi gesot, an déi positiv Dynamik a vun der internationaler Behënnerterechtskonvention, déi Lëtzebuerg nieft mëttlerweil 106 anere Länner ratifizéiert huet. Domat ass zwar e Paradigmewissel an der Behënnertepolitik agelaut ginn, allerdéngs verlaangt deen nach vill Efforten, bis e Realitéit ass.

Nach ëmmer gi Persounen mat enger geeschter oder physischer Behënnertung op ville Plazen iwwergaangen, entmündegt a souguer culpabiliséiert, wéi kierzlech an engem Témoignage an der Press ze liese war. An nach ëmmer stousse behënnert Mënsche mat hire Fuerderungen op Onverständnis an op Gläichgültigkeet, net nëmmen am allgemengen Alldag, mä och am Berufsliewen.

Wann een e Bléck op d'Diskussioun iwwert d'Aarmut zu Lëtzebuerg gehäit, da fällt op, datt dat Wuert „Behënnertung“ oder „Defizit“ an där Diskussioun kaum virkënt. Och wann net vill doriwwer geschwat gëtt, ass et kee Geheimnis, datt den Taux vun der Aarmut a vun Ausgrenzung bei behënnerte Persounen méi héich läit wéi bei anere Mënschen, an et ass och gewosst, datt déi materiell Aarmut ganz enk verbonnen ass mam Verloscht vu soziale Kontakter a Kultur.

Et sinn och déi behënnert Persounen, déi opgrond vu méi ausgeprägte Bedürfnissen als éischt aus dem Gesondheits- a Sozialsystem erausfale, woubäi eise Gesondheitssystem scho vu vireran net all Defizit kompenséiert.

D'Zil vun der UNO-Konventioun, eng geeschteg oder physisch Aschränkung als Normalitéit unzegesinn, well se ganz einfach zum Mënsch gehéiert, gëtt net just mat gudden Intentionen erreecht an och net mat gutt gemengter Virsuer, déi am Fond soss näischt ass wéi Entmündegung. D'Recht op Participatioun an op eng inklusiv Liewensqualitéit, esou wéi d'Konventioun se virgesäit, setzt d'Adaptatioun vun eiser Gesetzgebung viraus.

Et geet haut virun allem ëm Upassunge vum Aarbechtsrecht, ëm d'Aféierung vum Eenheitsstatut och an dësem Beräich, ëm d'Recht op den RMG, ëm d'Bedelegung vum Stat an den Ateliers protégés, ëm déi sozial Ofsecherung, ëm d'Formatioun an ëm eng däätlech Vereinfachung vun de Prozeduren. Woubäi mir zum Beispill begreissen, datt aarbechtslos Persounen mat engem Handicap automatesch bei der ADEM ageschriwwen ginn, woubäi déi nach e Kapitel fir sech ass.

Mir sinn och frou, datt d'Demande fir d'Unerkennung vum Statut vum Salarié handicapé prozedural vereinfacht gëtt. Datt den Term „Travailleur handicapé“ konnt ersat ginn duerch „Salarié handicapé“ am Konsens mat alle Membere vun der Kommissioun, ass begreiss-

senswäert, schonn eleng, fir eng Diskriminatioun am Sproochgebrauch ze vermeiden. Och wann de Statsrot domat eng Inkohärenz mat anere Gesetzestexter befäert, menge mir, datt de Problem ka geléist ginn, wann e sech sollt stellen. D'Prioritéit muss an eisen Aen nach ëmmer um respektvollen an net diskriminatoirechen Sproochgebrauch leien; net nëmmen am Gesetz, mä iwwerall.

Déi gréng Fraktioun wäert dësem Projet de loi dowéinst zoustëmmen, allerdéngs mat der Remarque, datt et nëmmen en Ufank vun engem laange Prozess dierf sinn, deen a Richtung Inklusioun geet.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer e puer Remarquen, déi sech indirekt oder direkt op eenzel Punkten aus dem Projet bezieen.

Och wa mir en an der Gesamtheit ënnerstëtzen, stelle mer eis awer e puer Froen. Virun allem froe mir eis, wisou am Kontext vun dësem Gesetz net eng allgemeng Diskussioun gefouert ginn ass iwwert d'Héicht vun der Indemnitéit fir Locatiounszwecker, déi all d'Empfänger vum RMG zegutt hunn an déi de Mënsche mat engem graven Handicap elo automatesch ouni Demande zougestane gëtt.

Wann ee bedenkt, wéi d'Präisser um Wunngsmaart an de leschte Joren explodéiert sinn, dann ass eng Indemnitéit vun 123 Euro de Mount nach just eng Drëps op e waarme Steen. Säit 1993, also säit 18 Joer, ass déi Indemnitéit, déi net un den Index gebonnen ass, déiselwecht bliwwen, sou datt se par rapport zu 1993 praktesch näischt méi wäert ass an onbedéngt misst gehewe ginn.

Eng Remarque dann och zu der 100%eger Bedeelegung vum Stat um Salaire an den Ateliers protégés. Den Artikel 27 vun der Behënnerterechtskonventioun erkennt de behënnerte Mënschen e gläichwäertegt Recht op Aarbecht zou, mat der Méiglecheit, sech de Liewensënnerhalt op enger fräi gewielter an accessibeler Aarbechtsplaz ze verdéngen, also um fräien Aarbechtsmaart. Datt dat am Fall vun engem graven Handicap net ëmmer méiglech ass, läit op der Hand, an et ass och kloer, datt d'Beschäftegung an engem Atelier protégé an deem Fall oft déi eenzeg Alternativ ass, fir de passiven Openhalt an engem Foyer ze verhënnern.

D'Aféierung vun enger 100%eger Bedeelegung vum Stat un deem Salaire schafft de Beschäftegten eng gewësse Sécherheet op Basis vum RMG a verhënnert bei de Gestionnairen den Drock vun der Produktivitéit an der Rentabilitéit.

Aus der Perspektiv vun der sozialer Ofsecherung a vun der Kompensatioun vum Handicap duerch öffentlech Gelder ass dës Modifikatioun duerchaus e Fortschritt. Allerdéngs riskéiert déi Moosssam awer och, en Déséquilibre ze schaffen tëschent der Attraktivitéit vun den Ateliers protégés an där vum regulären Aarbechtsmaart - e Problem, op deen den Här Berger och schonn higewisen huet.

Wann d'Salaren an den Atelieren zu 100% vum Stat iwwerholl ginn, dierf déi Prise en charge op där anerer Säit awer net op d'Käschte goe vun der Orientéierung op de fräien Aarbechtsmaart, quitte datt et laut Gesetz d'Missioun vun de Gestionnairen ass, hir Beschäftegt op dee Maart ze orientéieren. Et geschitt hinnen awer näischt, wa se et net maachen.

Déi Persounen, déi duerchaus capabel wäeren, fir enger Beschäftegung an engem normale Betrib nozoegeen, sinn nämlech fir d'Gestionnairen och déi ideal Persounen, fir d'Roll vum Viraarbechter oder vun der Viraarbechterin am Atelier ze iwwerhuelen. Domat kréie si zwar méi Responsabilitéit, mä dat eigentlecht a wichtegst Zil vun der Insertioun gëtt domat verfeelt.

Fir deem virzebeugen, misst de Prozess vun der Insertioun vill méi kategorieesch organiséiert a kontrolléiert ginn, mat alle Begleetmoossnamen, déi dat bedeit. Dofir sinn net nëmme finanziell Mëttel verlaangt, mä och e kloer politesche Wëllen, Asaz, Kreativitéit an eng wäitgefächert, staatlech finanziéiert Weiterbildung.

Wat et zum Beispill am Ausland gëtt, ass de System vum „job coach“, dee behënnert Persounen individuell op e Beruff virbereet an hinnen déi néideg Ausbildung gëtt, fir datt si duerno autonom kënnen schaffen. Esou Beméiunge stiechen hei am Land nach an de Kannerschong an et muss ee sech munchmol froen, ob se net just eng Alibifunktioun hunn.

Éischtens, well se sech geziilt op eenzel Defiziter beschränken, an zweetens, well d'Leit, déi dovu Gebrauch maachen, hir Ausbildung musse virfinanzéieren. Dobäi ass jo gewosst, datt vill behënnert Mënsche sech un der Aarmutsgrenz bewegen, net déi néideg Mëttel fir e Virfinanzement kënnen opdreien a riskéieren, am Fall vun engem Échec net rembourséiert ze ginn.

Niewent der Aféierung vum „job coaching“ denken ech och un d'Bereetstellung vu staatlech finanzierten Aarbechtsassistenten am Berufsalldag, un eng iwwergräifend organisatoresch an technesch Ennerstëtzung fir d'Betriben a virun allem u méi eng grouss Offer u regelmeisseger a konstanter Weiterbildung, déi fir all Mënsch accessibel muss sinn. Woubäi ech besonnesch u blann oder gehéierlos Persounen denken, déi ganz oft ze kuerz kommen, wat d'Kommunikatioun an deene Coursen ubelaangt.

An där Logik misst et och méiglech sinn, datt dat Geld, wat d'Gestionnairen an Zukunft duerch déi 100%eg Participatioun vum Stat spueren, der Formatioun an der Insertioun op dem Aarbechtsmaart zeguttkeim.

E puer Wuert och zu der Fräistellung fir speziell Formatiounen. All Persoun, déi ënner enger evolutiver Krankheet leit, kann op Avis vun der berodender Kommissioun Congé fir eng speziell Formatioun an Usproch huelen, onofhängeg vum Congé fir déi gängeg Weiterbildung.

D'Fro, déi sech hei stellt, ass déi, firwat de Congé fir eng spezifesch Formatioun net op all Persounen ausgedehnt gëtt, déi ënnert de Statut vum Salarié handicapé falen. Eng Formatioun, déi den individuelle Besoin an dem individuellen Defizit geziilt Rechnung dréit, wär an eisen Ae vu grousem Notze fir all Einzelnen. Dofir froe mir eis, firwat dee Surplus u Formatioun sech just op evolutiv Krankheete limitéiert.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - En iwwerdurchschnëttleche Congé fir Formatioun huet allerdéngs och eng Gefor, nämlech déi, datt d'Patronat léiwer op d'Atellung vun deene Leit verzicht, aus Angscht virun enger se niddreger Rentabilitéit vum Betrib a weinst enger Rei vun organisatoresche Problemer, déi doduerch entstoe kënnen.

Fir deem bäizekommen, misst d'Diskussioun iwwert d'Atellungsquoten, déi jo virun enger Zäit hei an der Chamber gefouert ginn ass, nach eemol opgeworf ginn. Esou wär et zum Beispill interessant, gewuer ze ginn, ob d'Ratiozierung vun der UNO-Konventioun schonn e positiven Impakt op déi Quot huet an ob dann elo méi Betriben a méi öffentlech Institutionen sech an hirer Atellungspolitik tatsächlech un d'Richtlinn vu 5% halen.

Ech woen ze behaupten, datt dat kaum de Fall ass, an et wäert och esou laang kaum de Fall sinn, bis Sanktiounen op der Netanhalung vun der Quot wäerten agefouert ginn. Datt mat deem Geld Integrationsmoossnamen a Weiterbildunge kéinte finanzéiert ginn, läit op der Hand, allerdéngs nëmmen, wann de politesche Wëllen dofir besteet.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et gëtt vill Weeër, fir eng inklusiv an op Matbestëmmung ausgeriicht Behënnertepolitik weiderzedreien an ze gestalten. Dëst Gesetz ass e kleng Bau-steen op engem grouse Chantier, op deem nach vill ze di bleift.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Une voix.** - Merci!

► **M. le Président.** - Merci der Madame Lorsché, an als nächste Riedner ass den Här Colombero agedroen. Här Colombero, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jean Colombero (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Härren, mat dësem Projet, dee vun eise Kolleeg Emile Eicher presentéiert gouf, deem mir fir säi mëndlechen a schrëftleche Bericht félicitéieren, soll nom Geescht vun der internationaler Konventioun iwwert d'Rechter vun de behënnerte Matbierger - Konventioun, déi 2006 vun der Assemblée générale vun der UNO adoptéiert ginn ass - ee Paradigmewissel agelaut ginn, am Sënn, datt déi behënnert Leit hiert Liewen autonom gériere kënnen an op eng egalitär Manéier um gesellschaftleche Liewen, wéi all déi aner, mat deelhuele sollen.

Mat dësem Gesetz solle verschidden administrativ Prozeduren erliichtert ginn. Et ass sécherlech eng luewenswäert Initiativ, ee Schratt no vir, mä mir wëssen alleguerten, datt de Prozess vun enger totaler Egalitéit nach net ofgeschloss ass an nach etlech Barrieren mussen ofgebaut ginn.

Heizou wëlt ech gär e puer Reflexiounen maachen. Wann ee vu Barrière schwätzt, da soll d'Fro erlaabt sinn: Firwat waren oder firwat sinn déi Barrieren do? Ass eng Barrière net eigentlech do, fir virun eppes ze schützen? A wie soll dann do eigentlech geschützt ginn? Ass dat dee sougenannten normale Bierger virun der behënnert Persoun? Déi Impressioun kritt ee vlächtt, wann een d'Kanner an d'École différenciée schéckt, well verschidden Eltere fäerten, hir





Kanner géifen dann dee Moment net méi gutt léieren, wann ee Behënnerten niewent hinne géif setzen.

Ech mengen, normalerweis misst et awer sinn, datt de behënnerte Bierger virun der Mentalitéit vum normale Bierger misst geschützt ginn, well dat Ganzt ass einfach eng Mentalitéits-saach.

An deem ganze Prozess sinn e puer Denkfeeler. Denkfeeler, déi onbedéngt misste revidéiert ginn! Virop mengt deejeénege, dee seng Fäegkeeten alleguerten huet, hie wär am Virdeel par rapport zum behënnerte Matbierger: e Virdeel am physische Beräich, e Virdeel am psychesche Beräich, awer och Virdeeler zum Beispill vun der Accessibilitéit, Virdeeler an der Disponibilitéit. Hei läit deen éischten Denkfeeler, well et jo awer nëmme logesch ass, datt déi behënnert Persoun hiren Defizit versicht ze kompenséieren, an dat mat ganz grousssem Succès!

Mir haten, erënnere mer eis, eng Grupp vu behënnerte Matbierger an der Familljekommissioun invitéiert, ënner anerem Leit mat ganz staarkem Defizit, ënner anerem eng Madame mat enger degenerativer Muskeldystrophie, en Här mat enger kongenitaler Arthrogrypose: Dat ass eng Krankheet, déi zu engem Blocage vun der Artikulatioun féiert, duerch manner gutt entwéckelt Muskelgruppen, wat dozou féiert, datt déi Persoun, wa se e Computer, en Telefon benotze wëllt, mam Mond dee Computer, deen Telefon muss benotzen.

Mir waren an der Kommissioun positiv iwwerrascht, wéi kloer déi Leit am Kapp waren a wat fir e Potenzial do zum Virschäi komm ass! Och de President vun der Initiativ „Nëmme mat eis“ huet e ganz grousst Wësse manifestéiert, wat esou dann awer nëmmen d'Schlussfolgerung mat sech zitt: Déi behënnert Leit dierfen op kee Fall ënnerschätzt ginn, wat hir Kompetenzen ugeet!

En zweeten Denkfeeler, dee gemaach gëtt, ass deejeénege Feeler, deen am Numm vum ethe-sche Prinzip, am Numm vun der Berouegung vun eise Gewësse gemaach gëtt an deen eis dozou verleet, fir e perfektem Alibi op den Dësch ze leeën, andeems mir soen: „Mä mir maache jo eppes fir déi behënnert Leit, fir déi an eiser Mëtt ze integréieren; mir maache jo eist Besch; mir maache jo alles, wat méiglech ass.“

Do ass den zweeten Denkfeeler, dee mer maachen. Mir mengen, fir eppes am Numm vun der Integratioun ze maachen - wat jo gutt ass, mä dat ass awer net verlaangt -, wat verlaangt ass, ass net eng Integratioun, mä eng Inklusioun an der Gesellschaft! Dat heescht, datt de System sech adaptéiere muss un dee Behënnerten, an net ëmgedréit, datt de Behënnerte sech dem System adaptéiere muss. An dat ass e ganz groussen Ënnerscheid!

Doraus entsteet den drëtten Denkfeeler, an deesen Denkfeeler ass doduerch bedéngt, datt eng sougenannten normal Persoun fir e behënnerte Matbierger décidéiere muss, wat gutt oder wat schlecht fir deem seng Konditioun ass. Or, et misst jo awer ëmgedréit sinn! Et misst eng behënnert Persoun décidéieren, wat misst an engem Gesetzesprojet oder engem Gesetzestext, engem Reglement drastoen, fir esou eppes ze änneren, well déi weess jo Bescheed, wat net fonctionnéiert. Et huet een awer d'Impressioun heiansdo, datt déi behënnert Leit an enger Opferroll drasteszen an do net méi erauskommen a praktesch gezwonge sinn, fir ëmmer Merci ze soen, wann iergendeppes, wann iergendwou eppes fir e Behënnerte gemaach gëtt, eng nei Toilette aménagéiert gëtt oder eng Parkplaz aménagéiert gëtt.

Da gëtt et derniewent och eng ganz Rei vun Aberratiounen, do muss een einfach de Kapp rëselen, wéi zum Beispill, ech zitieren eis Fleegeversécherung, déi normalerweis ëmmer... oder wou gesot gëtt, datt se fir d'Fleegefall zoustänneg ass; wou ee mengt, datt dat eng Ulafstell ass fir behënnert Matbierger; déi maachen eppes fir si. Neen, wäit gefeelt! Do ass e Paragrafekrich, wéi iwwerall, wou eng Administratioun mengt, de Punkt op den i ze setzen: Esou kritt een zwar e Lift vum Keller bis op de Späicher garantéiert, mä wann dee behënnerte Matbierger een Tabloid fret, fir e Buch op eng elektronesch Aart a Weis ze liesen, da kënnt et do zum Refus vun der Fleegeversécherung, well dat net an hire Statuten drasteet.

Do maache mer dann de véierten Denkfeeler. Mir verfallen dem véierten Denkfeeler, an zwar, datt mir mengen, datt elo mat dësem neie Gesetz alles an der Regel (veuillez lire: an der Rei) ass. An d'Fro, déi ee sech stelle muss, ass déi, ob et net ubruecht wär, fir datt déi nei Médiatrice, déi mer den Donneschdeg hei am Parlament bestëmmen, eng Sous-unitéit...

#### (Interruptions diverses)

► **Une voix.** - Dir hutt awer net vill Vertrauen an dee Kandidat!

► **Une autre voix.** - Da wielen ech fir den Här Reding.

► **Une troisième voix.** - Elo hutt Der lech awer schéi verroden!

► **M. Jean Colombero (ADR).** - Här President, ech hunn heiansdo Visiounen. Ech sinn zwar kee Prophet...

► **Une voix.** - Dat wësse mer, dat wësse mer!

#### (Hilarité)

► **M. Jean Colombero (ADR).** - Déi Visioun, déi ech fir den Donneschdeg hunn, do gesinn ech kloer eng Médiatrice.

#### (Hilarité)

Also d'Fro, déi sech do stellt, ass, ob mer net sollen eng nei Sous-unitéit bei der Médiatrice schafe fir déi behënnert Matmënschen. Esou eng Unitéit wär och am Krankewiese vu grousssem Intérêt. Esou eng zentral Stell wär ideal, fir d'Rechter vun der behënnert Persoun méi effektiv ze vertrieben.

Eng aner Pist wär déi, fir enger behënnert Persoun ee Budget ze ginn, datt déi Persoun sech Begleetpersounen uschaft, déi hir bei der alldeeglecher Aarbecht hëllef géifen. Da wär dann déi Persoun, déi behënnert Persoun, an enger aktiver Roll an net méi an enger passiver Roll!

Dat gesot, Här President, dëse Gesetzesprojet geet an déi richteg Richtung a mir hoffen, datt d'Madame Minister hir Efforten nach weider wäert ausbreeden. Ech denken dann, wéi gesot, un d'Inklusioun an der Schoul an och hei am Parlament: Wéi den Här Eugène Berger gesot huet, ass et guer net behënnertegerecht. Ech ka mer net virstellen, datt een Här Wolfgang Schäuble, deen hei géif setzen, datt deen hei géif eens ginn. Also do ass nach ganz, ganz vill ze maachen.

Dat gesot, gi mir hei d'Approbatioun zu dësem Gesetzesprojet, an ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Colombero. Als leschte Riedner ass den Här Urbany agedroen. Här Urbany, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).** - Merci. Dir Dammten an Dir Hären, Reduzéierung vum administrative Barrière kënnen och a gewësse Fäll zum Ofbau vu Rechter oder vu Méiglechkeete vun assuréierte Leit féieren. Dat gesäit een hei bei der Ofschafung vun der Commission spéciale de réexamen. Dat war déi Kommissioun, déi jo besteet op enger paritéitescher Basis an och ënner Derzouzéie vun Experten aus dem Aarbechtsberäich vun den Handicapéierten, an déi dofir zoustänneg war, fir op e Recours vun engem Assuré hin eng Décision négative vun der Commission médicale nach eng Keier frësch ze ënnersichen.

Déi Kommissioun huet a verschiddene Fäll Décisiounen - déi negativ fir d'Leit waren - vun der Commission médicale revidéiert an domat de Leit d'Recht zouerkannt op de Statut d'handicapé. Si huet hir Incapacité de travail ënnersicht, an am Contraire zu der Commission médicale, déi jo no reng medezinesch-funktionelle Kritären d'Leit ënnersicht, no engem Barème vun Incapacités, deen an décke Bicher steet, während déi Commission de réexamen awer vill méi vun der Praxis hier d'Situatioun vun deenen Eenzelnen ënnersicht huet an och gekuckt huet, wéi hir medezinesch Situatioun par rapport zum Aarbechtsverhältnis ze bewäerte wier.

Ech bedauern et, dass déi Rekursméiglechkeet, wat eng intern Rekursméiglechkeet war an der Administratioun, dass déi elo ofgeschafft gëtt, an ouni sech d'Fro ze stellen, ob zum Beispill d'Commission médicale dann ëmmer effikass funktionéiert, op d'Commission médicale, déi jo aus fënnf Doktere besteet, dann ëmmer dat néidegt Organ ass, fir d'konkret Situatioun vun de Leit ze ënnersichen.

D'Praxis huet bewisen, dass dat net ëmmer de Fall ass! Mä amplaz déi ganz Prozedur nach eng Keier op de Leescht ze huelen, ass elo décidéiert ginn, déi gënant Commission de réexamen, mat där vill Leit an der Regierung net d'accord waren a wou och déi Dokteren aus där Commission médicale net ëmmer d'accord waren, déi einfach aus dem Wee ze schafen, an d'Leit ginn elo forcéiert, an alle Fäll déi laangwiereg Prozedur op de Gerichter anzuschloen.

Eng zweet Remarque wëll ech hei nach maachen, dat ass, wat d'Lounkäschtchen zu 100% vum Stat ugeet, déi sollen iwwerholl ginn. Ech verstü verschidde vun deenen Iwwerleeungen, déi an deem Zesummenhang gefouert ginn. Ech wëll awer och ze bedenke ginn, dass en Deel vun deem Secteur vun den Ateliers protégés awer och aus kommerzielle Gesellschaften besteet, déi jo dann elo d'Lounkäschtchen zu 100% iwwerholl kréien! An ech wëll hei awer wierklech d'Fro stellen, wéi dat dann do an der

Praxis geregelt gëtt vis-à-vis vun deene Gesellschaften, déi jo dann awer wierklech d'Lounkäschtchen do vum Stat integral iwwerholl kréien, awer gläichzäiteg déi Produiten, déi se produzéieren, awer kënnen no bausse vermaarten.

Drëtters mengen ech, dass hei d'Geleeënheet net genuch genotzt ginn ass, fir wierklech konkret ze kucken, wéi d'Integratioun um Aarbechtsmaart kéint verbessert ginn.

Ech hunn 2003 fir dat Gesetz hei gestëmmt, wat elo soll geännert ginn. Ech wëll mech dës Keier enthalten, virun allem, well ech mengen, dass déi Verschlechterung vun der Prozedur, déi awer Auswirkungen huet op d'Situatioun um Fong vu ganz ville Leit, an Zukunft wäert negativ Auswirkungen hunn, déi net ze vertrieben sinn!

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Urbany, an elo kritt d'Wuert dann d'Madame Familljeministesch Marie-Josée Jacobs.

► **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Här President, Dir Dammten an Dir Hären, ech géif elo wëlle fir d'Éischt dem honorablen Här Eicher villmools Merci soe fir säin ausféierleche schrëttlechen a mëndleche Rapport, dee mer et erméiglecht, net méi op all d'Detailer anzegoen, obschonns, wann ech elo eng Partie vun de Riednerinnen a Riedner héieren hunn, ech mengen, datt vläicht nach net alles verstanen ass, sou wéi et an dem Gesetz dran ass.

Ech si frou, datt mer dat Gesetz elo nach zum Enn vun dësem Joer kënnen stëmmen, besonnesch och weinst der Fro an der Méiglechkeet, fir den Atelier-protégée kënnen déi Mëttele ze ginn, déi se brauchen, fir op déi 100%eg Participatioun ze kommen, an och, well ech mengen, datt dat hei wierklech e Gesetz ass, wou mer laang genuch dru geschafft hunn, fir datt et endlech och elo nach konnt virun de Feierdeeg gestëmmt ginn.

Zënter dem Vote 2003 vun dem Gesetz iwwer Mënsche mat enger Behënnerung huet sech munches gedoen. A besonnesch ass sécher déi gréissten Ännerung d'Adoptioun vun der Konventioun iwwert d'Rechter vu Mënsche mat enger Behënnerung, wou mir och hei zu Lëtzebuerg den 13. Juli hei an der Chamber déi Konventioun gestëmmt hunn, wou an der Zwëschenzäit och dat Ratifizierungsdokument um Siège vun der UNO déposéiert gouf a mer eis domadder och international verflachten, fir déi Dispositiounen vun dem Mënscherechtraité op nationalem Plang ëmzesetzen.

De Paradigmewissel, vun deem vill geschwat gouf, vum medezineschen zum soziale Modell, a wourop och déi ganz UN-Behënnerterechtskonventioun opgebaut ass, ass e Modell, dee mer 2003 ewell applizéiert hunn. Et ass e Wiesel ewech vun enger Gesellschaft, déi e Behënnerten als hëllefbedürfteg Wiesse gesäit, hin zu enger Gesellschaft, déi dat enormt Potenzial erkennt, wat an de Mënschen dran ass, déi eng Behënnerung hunn an déi aktiv an eiser Gesellschaft musse kënnen participéieren. An, wéi gesot, dat ass och net nei, dat wor och ewell de Gedanken an de Grondgedanken och beim Gesetz 2003.

Wa mer gesinn, wat eenzel Behënnertער fäerdegkréien, ob dat op dem Aarbechtswee ass - an eng ganz Partie vu Leit mat Behënnerungen hu mer jo an eise Verwaltungen - oder ob dat um kulturelle Plang ass, dann ass dat jo aussergewöhnlech a remarquabel. An duerfir: Jiddwereen huet an eiser Gesellschaft seng Plaz. Duerfir ass et och kloer, datt och jiddwereen, egal wéi eng Behënnerung datt en huet, och bei eis an der Gesellschaft seng Plaz muss fannen.

Ech sinn elo e bëssen erstaunt, datt eenzel Leit fannen, datt et net gutt wier, datt mer op de Wee géife goe fir eng 100%eg Bedeelegung vum Stat bei dem Bezuale vun de Behënnerten. Wann ech awer weess, wat och all dat nach ronderëm alles kascht, och déi Leit, déi awer müssen do sinn, fir déi Leit ze betrieen, da schéngt dat mer awer evident ze sinn, datt et net duergeet mat deene Suen, déi do erakommen, och wa mer wëssen, datt do Produkter geschafe ginn, déi duerno kënnen verkaaft ginn. Mä dann ass et awer bei Wäitem sécher net, datt dat e Selbstkostenpunkt elo géif ginn an datt elo déi Ateliere do géife Geschäfte drop maachen, wou se net wësst, wat se da mat de Sue sollte maachen.

Ech denken och, datt et wichteg ass, datt een hei vläicht nach eng Keier drun erënnert, datt nieft den Atelier-protégée, déi 100% kréie bei der Participatioun vum Salaire vun enger Persoun, déi de Statut vum Travailleur handicapé huet - oder elo vum Salarié handicapé, wann Der bis d'Gesetz gestëmmt hutt -, datt et och wichteg ass ze wëssen, datt och e Patron, deen am private Secteur eng Persoun astellt, déiselwecht Montantë ka kréien, y compris sougutt och herno d'Soziallaaschte vun deenen Eenzelnen.

Selbstverständlech ass et de Wonsch vu jiddwerengem, fir ze kucken, datt déi Leit kënnen op den éischten Aarbechtsmaart kommen. Et muss een awer wëssen, datt dat a ville Fäll entweder net méiglech ass, an an anere Fäll souguer fir dee Behënnerte selwer och net gutt wier, wann en dat misst maachen, well mer awer wëssen, datt op dem éischten Aarbechtsmaart dacks e groussen Drock op d'Leit ausgeübt gëtt an datt et dann och schwierig wier, fir dat kënnen ze maachen.

Derbäi kënnt dat, wann ee seet, datt Gläichberechtigung net datselwecht ass wéi Gläichbehandlung. Och wa Mënsche mat enger Behënnerung vun deeneselwechte Rechter profitéiere kënnen wéi en net behënnerte Mënsch, wat zu Lëtzebuerg ewell laang de Fall ass, verschafen hinnen dës Rechter nach laang net ëmmer déiselwecht Méiglechkeeten. Dacks ass eng Upassung vun der Émwelt néideg. Et mussen Aménagerement getraff ginn a Mesure-positive geholl ginn, fir datt déi gläich Rechter och kënnen zu enger Gläichbehandlung ginn.

D'Zil vum Gesetz vun 2003 wor et, datt Mënsche mat enger Behënnerung déi néideg Ënerstützung kréien, fir sech kënnen um éischten Aarbechtsmaart ze behapten, sief dat um éischten Aarbechtsmaart oder awer och an dem geschützten Aarbechtsmaart. En zolidd Aarbechtsverhältnis mat engem regulären Aarbechtskontrakt ass also eng wichteg Basis fir dat eegeverantwortlecht Handeln an erlaabt et, fir säin eegent Geld ze verdéngen. Dir gesitt, datt dat deemools ewell e Schrëtt wor an d'Richtung vun der Onofhängegkeet, wou mer ebe wollten ewechkomme vun dem Karitativem, mä hin zu deem Normalen an zu der Autonomie vun de Leit.

Ech sinn awer mat all deenen d'accord, déi hei och de Mëtteg scho gesot hunn, datt mer musse virun allem d'Barrièren ewechraumen, déi de Leit am Wee stinn. An déi gréisste Barrière sti meeschtens an de Käpp vun de Leit. An dat ass dat, wat och am schwéiersten ass ëmzesetzen, fir eben dee Mentalitéitswiesel fäerdegzekréien, fir all deene Leit d'selwecht ze begéine wéi jiddwerengem aneren och.

E Mënsch, dee behënnert ass - hunn ech mer soe gelooss -, kënnt an e Restaurant, da gi se deem, dee mat em kënnt, d'Menüskaart an da soe se: „Da kuckt Dir emol, wat hie wëllt iessen.“ Firwat soll ee Mënsch, dee vläicht eng Behënnerung huet, duerfir net selwer kënnen decidéieren, wat e kann iessen? Dat, fir ze weisen, wéi bornéiert mir an eise Käpp dra sinn a wéi schwéier datt et ass, fir do d'Barrièren ewechgeholl ze kréien. Da kann ee sech virstellen, wat dat vis-à-vis vun deene Leit ass, déi selwer betraff sinn, fir dat och iwwerhaupt kënnen ze akzeptéieren.

Ech hoffen, wéi gesot, datt mer et och mat dësem Gesetz fäerdegkréien, datt méi Patronen aus dem Privateseur sech engagéieren, fir emol Leit anzustellen. An ech muss och do soen: Déi, déi - ech soen lech herno d'Zifferen - dat bis elo gemaach hunn, hunn et och am Regelfall net bedauert, wat jo also positiv ass. Mä et sinn der eigentlech ze vill, déi sech net trauen, fir dat ze maachen. An duerfir, mengen ech, ass dat och wichteg, datt een ëmmer erëm dorop hiweist.

Den Atelier protégé ass och net d'Zil a sech. Et soll e Wee si fir déi Leit, déi entweder net kënnen, well dat duerch hir Behënnerung net méiglech ass, oder awer e Wee sinn, fir kënnen domadder gestärkt ze ginn an herno d'Chance ze kréien, fir op den éischten Aarbechtsmaart kënnen ze kommen.

Sécher ass et net d'Zil, fir ze verhënnern, datt mat där 100%eger Participatioun elo vum Stat herno d'Leit an den Atelier-protégée gehale ginn. Eis Suerg wor eigentlech de Contraire, well mer gesot hunn: Wa mer keng 100% ginn an de Stat ze wéineg bezuelt, da riskéiere mer, datt an der Zukunft kënnen Leit an den Ateliere soen: „Mir wëllen nëmme Leit hunn, déi eigentlech vläicht nach d'Chance hätten, fir op den éischten Aarbechtsmaart ze kommen, mä well mer dann awer eis Rentabilitéit vun eise Atelier net kënnen garantéieren, loosse mer déi Leit net op den éischten Aarbechtsmaart goen.“ Et ass also deen ëmgékéierte Wee vun deem, wat hei vun eenzelne Leit gefaart gouf. An duerfir mengen ech ewell, datt et richteg ass, datt mer dat och zu 100% maachen.

Op d'Upassungen och un d'Situatioun vun net behënnerte Mënschen an déi Modifikatiounen ass den Emile Eicher agaan. Duerfir ass et nëmme vun Ufank an eise Wonsch gewiescht, datt mussen d'Leit, déi de Revenu pour personnes gravement handicapées kréien, datt deen an darselwechter Héicht ass, wéi och den





RMG et ass, datt een och an der Zukunft net eng extra Demande muss maachen, fir déi Allocation de loyer ze kréien.

An datselwecht zielt och fir den Ausdrock vun dem „Travailleur handicapé“ an dem „Salarié“. Fir eis wor dat, esou wéi och fir d'Leit an der Kommissioun, eng Selbstverständlechkeet, datt déi Ausdréck do net géife kënnen d'selwecht virugefouert ginn, mä datt mer, wa mer Changementer an deenen anere Gesetzter maachen, dat selbstverständlech och hei sollte maachen.

Dir gesitt also... An ech sinn och mat all deenen d'accord, déi dat gesot hunn, datt dat heiten e Schrëtt ass, dee wichteg ass, mä datt der nach vill anerer mussen nokommen. Ech denken, virun allem och ass hei iwwert d'Accessibilitéit geschwat ginn. An dat do ass selbstverständlech och fir jiddwereen, deen eng Responsabilitéit huet.

Mir hunn ewell zënter laange Joren zesummen och mat der Organisatioun vun den Architekten a vun den Ingenieuren e Code, dee mer erausginn hunn, e grousst voluminéist Dokument, wat och d'Gemenge sech kënnen uneegnen, fir ze kucken: Wat ass méiglech a wat kann ee maachen? Well mer jo net nëmmen eng Zort vun Handicap hunn, mä dat wierklech dann och weist: Wann een deen ee Wee mécht, wat geschitt dann? Dat ass da vläicht gutt fir eng Persoun, déi am Rollstull ass, et kann awer sinn, datt et just de Contraire ass fir eng Persoun, déi blann ass.

Dir gesitt also, datt een och doriwwer e grousst Wesse muss hunn. Et ass net nëmmen de gudder Wëllen, deen een do brauch, mä et muss een och Leit hunn, déi dovunner eppes kennen.

Duerfir mengen ech och, datt et wichteg ass, datt mer och bei deene Leit, déi eng evolutiv Krankheet hunn..., a wann ech do och drun denken, zum Beispill een, deen no an no blann gëtt, do ass et kloer, datt jo viles a sengem Liewen op eemol aneschtens gëtt, datt een also d'Bereetschaft muss léieren, datt dat awer nëmmen een Element ass vu villem, wat eben derzou féiert, datt et engem et méiglech mécht, fir kënnen an d'Liewen eranzegoen.

Duerfir, nach eng kéier, ech sinn dervun iwwerzeegt, datt mer an deenen nächste Jore méi wéi eng kéier nach op déi verschidde Punkten hei wäerten agoen. Ech sinn och der Iwwerzeegung an och mat dem Här Berger d'accord, fir ze soen, et dierf kee forcéiert ginn, an en Atelier protégé schaffen ze goen. Een, deen d'Méiglechkeet huet an dee wëllt op eng aner Plaz schaffe goen, dee muss dat, wann et denkbar ass a wann et méiglech ass, muss deen dat och kënne fäerdegreien.

Op där anerer Säit fäerten ech manner, datt op eemol d'Leit géifen an den Atelierien zrëckbehale ginn, well mer eigentlech wëssen, datt mer an deenen nächste Joren éischter e Mangel wäerten hunn un Atelieriplazen, wéi datt mer der ze vill hunn, sou datt vun dohier - ech mengen - dat net déi grouss Gefor ass.

Op der Madame Dall'Agnol hir Fro hunn ech geäntwert. Wat der Madame Lorsché hir Aussoen och ubelaangt, zum Beispill iwwer Leit mat enger Behënnerung, weess ech net, ob Der wousst, datt zu Lëtzebuerg et och de Kulturpass gëtt, fir deene Leit och den Accès ze erméiglechen, fir kënnen och an d'Kulturinstitutionen ze goen, ouni datt se duerfir musse bezuelen. Dat ass eng Associatioun, déi dee geschaaft huet an deen „Culture for all“ heescht, wou ech mengen, datt dat och flott ass, fir dat kënnen ze maachen.

Indemnitéite wat de Loyer ubelaangt, dat ass natierlech eppes, wat méi wäit geet wéi elo hei an deem Kader, mä ech denken och, datt do, wa mer et fäerdeg géife kréien - an de Logementsminister ass och hei -, datt mer méi Gemenge fannen, déi mat op de Wee gi vum Logement social, datt et méiglech wier, méi bëlleg a méi Logementer ze bauen, ouni datt mer just nëmmen, wa mer déi Indemnitéit do an d'Luucht setzen, de Propriétaires esou vill Sue weider ginn an datt duerfir ënnert dem Stréch fir deen, dee beträff ass, nach net ganz vill geschitt ass.

D'Quoten, do wëll ech lech vläicht e puer Chiffere soen, well ech weess, datt dat ëmmer d'Chamber interesséiert, an da komme mer an engems zu deene Prozenter, déi mer hunn - déi eng an déi aner. De Stat huet mëttlerweil 839 Leit, an domadder si mer op 3,49%; d'Gemengen - do ass nach e bëssen Nachholbedarf - 212 Leit, déi bei de Gemenge schaffen, datt ass 1,69%. Am private Secteur sinn et 1.711 Leit - 0,53%. An an den Atelier-proté-

géen hu mer 858 Leit, déi doranner schaffen, wat en Total ausmécht vun 3.620 Leit, déi mam Statut vum Travailleur handicapé op deene verschidde Plaze schaffen.

A weinst de Quote wëll ech elo soen, de Stat ass bis haut eigentlech net op de Wee gaangen, fir bei d'Betriber Sue sichen ze goen a froen ze goen, well mer selwer bis elo eis Quoten - weder als Stat nach als Gemengen oder aner öffentlech Institutionen - net erfüllt hunn. Och an deenen nächste Jore ginn, esou wéi an der Vergaangenheet och, pro Joer 50 Leit beim Stat agestellt, déi de Statut vum dem Travailleur handicapé hunn, an ech wier frou, wann och anerer dat géifen nomaachen.

Enn 2010 waren nach 1.944 Leit, déi de Revenu pour personnes gravement handicapées hatten; 2011 waren et 590 Leit, déi de Statut krute vun der Kommissioun, an 51 Leit, déi de Revenu pour personnes gravement handicapées kritt hunn. Ech wëll lech elo net mat all deenen Zuelen hei ze vill en décke Kapp maachen, mä mir gesinn, datt am Ganze bei allen Demandeurs d'emploi 9,15% dovun Travailleurs oder och Salariés handicapés sinn.

Et wäert an engem Total dëst Joer fir ebe Persoun mat enger Behënnerung am Statsbudget 65 Milliounen ausmaachen, sougutt wat d'Atelier-protégéen ubelaangt wéi och de Revenu pour personnes gravement handicapées. Ech hunn lech virdrun d'Zuele genannt vun dem Transport, wa mer alles dat beieneerechnen, da gëtt dat natierlech ganz erheblech Ausgaben, déi mer doranner investéieren, mä wou ech denken, datt dat heibannen an och soss néierewou contestéiert ass.

Fir op dee Montant vun deenen 100% ze kommen, si fir 2010 2.224.000 Euro zousätzlech virgesinn, fir datt also och d'Atelieren déi Suen zur Verfügung hunn, déi se brauchen, fir d'Leit kënnen zu 100% dann och ze bezuelen.

Merci villmools.

► **M. le Président.** - Merci der Madame Familljeministesch. Domadder wier d'Diskussioun ofgeschlossen, a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschlossen.

De Projet de loi 6161 ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen an enger Enthaltung.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauvert (par Mme Nancy Arendt), Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes (par Mme Martine Mergen), MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter (par M. Marc Spautz);*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Claude Haagen (par M. Ben Scheuer), Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;*

*MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Fernand Etgen), Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helmingier (par M. Carlo Wagner), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;*

*MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.*

*S'est abstenu: M. Serge Urbany.*

Wëllt ee seng Abstentioun begrënnen?

**(Négation)**

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

Da komme mer elo zum Projet de loi 6204, eng Direktiv iwwert d'Kontroll vu chemesche Substanzen. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht, an et huet sech bis elo just ageschriwwen: den Här Berger. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marcel Oberweis. Här Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

## 7. 6204 - Projet de loi

**a) relative aux contrôles et aux sanctions concernant l'enregistrement, l'évaluation et l'autorisation des substances chimiques et les restrictions y applicables, telles que ces substances sont visées par le règlement (CE) n°1907/2006 du Parlement européen et du Conseil du 18 décembre 2006 concernant l'enregistrement, l'évaluation et l'autorisation des substances chimiques, ainsi que les restrictions applicables à ces substances (REACH), instituant une agence européenne des produits chimiques, modifiant la directive 1999/45/CE et abrogeant le règlement (CEE) n°793/93 du Conseil et le règlement (CE) n°1488/94 de la Commission ainsi que la directive 76/769/CEE du Conseil et les directives 91/155/CEE, 93/67/CEE, 93/105/CE et 2000/21/CE de la Commission;**

**b) relative aux contrôles et aux sanctions concernant la classification, l'étiquetage et l'emballage des substances et des mélanges, tels que ces substances et mélanges sont visés par le règlement (CE) n°1272/2008 du Parlement européen et du Conseil du 16 décembre 2008 relatif à la classification, à l'étiquetage et à l'emballage des substances et des mélanges, modifiant et abrogeant les directives 67/548/CEE et 1999/45/CE et modifiant le règlement (CE) n°1907/2006;**

**c) abrogeant la loi modifiée du 15 juin 1994 relative à la classification, l'emballage et l'étiquetage des substances dangereuses;**

**d) abrogeant la loi modifiée du 3 août 2005 relative à la classification, à l'emballage et à l'étiquetage des préparations dangereuses**

**Rapport de la Commission du Développement durable**

► **M. Marcel Oberweis (CSV), rapporteur.** - Sou, Dir Dammen an Dir Hären, Här President, Här Minister, no deem dach soziale Volet elo muss ech elo mat engem e bësse méi technesche Volet iwwerraschen an zielen hei. Et geet hei beim virleiende Projet de loi ëm eng Suite vun dem Gesetzestext REACH, dee mir hei schonn de 9. März virun zwee Joer behandelt hunn.

Kuerz zum Gesetzestext selwer: Den delegéierten Nohaltegkeetsminister huet de 7. Oktober 2010 dësen hei an der Chamber déposéiert. D'Berufschambere vum Commerce, vun de Salariéen a vun de Métieren hunn hir Avisen erabruucht. De 27. September dëst Joer huet de Statsrot säin éischten Avis agereecht, a säin zweeten Avis datéiert vum 22. November dëst Joer. Den 12. Januar dëst Joer ass de Projet de loi eng éischte kéier an der Chamberskommissioun analyséiert ginn, an de 26. Oktober ass den Avis vum Statsrot consultéiert ginn. Opgrond vun deem Avis sinn awer dunn nach eng Rei vun Amendementer néideg ginn. Deen zweeten Avis vum Conseil d'État ass den 30. November diskutéiert ginn an de Rapport ass de 7. Dezember unanime ugeholl ginn.

Bei REACH handelt et sech - kuerz nach eng kéier erënnert - ëm en integréierte System fir d'Registrierung, d'Evaluatioun an d'Zouloosung vu geféierleche Substanzen a Mëschungen. Mëttlerweil si ronn 30.000 där Produkter, déi an der Europäescher Unioun agesat ginn, an der Erfaassungsagence ECHA zu Helsinki registriert. REACH verlaangt vun den Industrien, all Informatiounen iwwert den Impakt vun dese Substanzen a Mëschungen op d'Gesondheet vum Mënsch an d'Auswierkungen op d'Ëmwelt virzeleeën. Wéi geféierlech des chemesch an toxesch Materialië sinn, hu rezent Chemiekatastrophen bewisen: Seveso an Italien, Bhopal an Indien, un dem Floss Theiss an der Tschechei, a méi no bei eis virun enger gewëssener Zäit zu Basel um Rhain.

E fundamentaalt Element vu REACH besteet doranner, dass d'Entreprises, déi chemesch Substanzen hirstellen oder importéieren, hir Responsabilitéit iwwerhuele mussen. Dat gëllt awer och fir d'Importateuren, fir d'Händler a fir de

Verbraucher. Déi mat der Notzung verbonne Risike fir de Mënsch an d'Ëmwelt mussen iwwerbléckt ginn. All Mesurë mussen ergraff ginn, fir des Auswierkungen esou kleng wéi méiglech ze halen.

Dierf ech hei nach eng kéier op déi eenzel Kategorie vu schielechen a geféierleche Substanzen a Mëschungen agoen? Dat sinn där, déi Kriibs erviruffen, déi d'lerfgutt vum Mënsch veränneren oder d'Fortplanzung verhënneren. Et sinn där, déi toxesch sinn oder sech an de Liewensressourcë Buedem, Waasser, Loft oflagere an domat endokrin wierksam kéinte ginn.

Dës Opzielung weist kloer drop hin, dass duerch Fuerschung an Entwécklung derfir gesuert muss ginn, dass manner schielech Substanzen a Mëschungen op de Maart kommen, jo, dass se aus dem Handel a Verbrauch komplett verschwannen.

Dofir investéieren d'Europäesch Unioun an déi eenzel Memberstate ganz staark an d'Fuerschungen an deem Beräich, fir dass méi ëmweltfrëndlech Substanzen entwéckelt ginn. Et ass e formidabelen Challenge fir d'Fuerschungszentren an d'Industriebetriber. Wa mir do gutt Fortschréttler maachen, da verschaaft Europa sech do sécherlech Avantagen um Weltmarché.

Well den technesche Fortschrétt awer net ophält, si mëttlerweil an deem Dossier REACH nei Erkenntnisser gewonnen ginn, an dat bréngt mat sech, dass mir dat virleiend Gesetz zu REACH iwwert d'Registrierung, d'Evaluatioun an d'Zouloosung vun de Substanzen a Mëschungen aus dem Joer 2009 verbessere mussen.

Mat deem virleiende Projet de loi setze mir déi europäesch Direktiv 1272 aus dem Joer 2008 mat Bléck op d'Klassifikatioun, d'Verpakung an den Étiquetage vun dese geféierleche Substanzen a Mëschungen ëm. Et ginn domadder zwee Gesetzter iwwerschaaft: dat éischt aus dem Joer '94 d'lescht Jorhonnert iwwert d'Klassifikatioun, den Emballage an den Étiquetage vun dese Substanzen; dat zweet aus dem Joer 2005 iwwert d'Klassifikatioun, d'Verpakung vun dese Mëschungen.

E wichtige Punkt ass awer d'Tatsaach, dass elo de Reversement vun der Preuve zum Droe kënnt. Vun elo un ass et un der Entreprise, fir nozeweisen, dass déi entwéckelt a produziéiert Produkter ouni Risike fir déi mënschlech Gesondheet an d'Ëmwelt verdriwwen dierfe ginn.

Bei der Registrierung bei der Agence ECHA zu Helsinki sinn d'Menge vu méi wéi 1.000 Tonne pro Joer bis Enn 2010 erfaast ginn. Vu Lëtzebuerg goufen deemools 141 Dossierien erstallt, an dat waren nëmmen 0,56% vun allen erfaaste 25.000 Dossierien. Elo awer nei: Ab dem Juni 2013 solle Mengen ab 100 Tonne pro Joer registriert ginn a souguer ab dem Juni 2018 Mengen ab enger Tonn. Dat beweist ganz kloer, dass déi Europäesch Unioun verlaangt, dass ëmmer méi Kontroll iwwert des Mengen duerghefuert gëtt.

Den zweeten Deel vun dem Projet de loi behandelt d'Reglement CLP. CLP steet, wéi gesot, fir Classification, Labeling a Packaging. Dat ass d'Kärstéck vun der europäescher Direktiv, déi den 20. Januar 2009 a Kraaft getrueden ass an déi elo duerch REACH compléiert gëtt. Mat deser Direktiv gëtt alles ënnerholl, fir an der Europäescher Unioun en harmoneschen a generale System zu de chemesche Produkter opzebauen, an dat iwwert de Wee vu Fichieren an Datebanken. Dës Fichiere kënnen entweder an der däitscher oder an der franséischer Sprooch hei am Land geschriwwen ginn.

Op der Étiquette stinn eng ganz Rei vu Piktogrammen, déi de Verbraucher opmierksam maache mussen, dass hien eng geféierlech oder toxesch Substanz an de Grapp hält. Des Weidere steet dat Wuert Gefor ganz grouss drop. E gëtt opmierksam gemaach, welch Mesuren ergraff musse ginn, wann en Accident geschitt. All des Substanzen mussen op enger sécherer Plaz gelagert ginn, sou dass keen Onbedeelegten Accès dozou kritt.

Da soll d'Kommunikatioun op dem internationalen Niveau iwwert d'Gefore fir de Mënsch an d'Ëmwelt vun dese Substanzen a Mëschungen ausgebaut ginn. Den CLP ass vum 1. Dezember d'lescht Joer obligatoresch fir d'Substanzen a gëtt fir Mëschungen ab Juni 2015 wierksam. Well den Asaz vun dese geféierte Substanzen a Mëschunge politesch iwwergräifend Wierkunge ka kréien, kënnt et hei zu enger enker Zesummenaarbecht tëschent eenzelne Verwaltungen: der Ëmweltverwaltung, der ITM, der Gesondheitsdirektioun, der Gestion de l'eau, den Douanes an Akzise wéi och dem ILNAS. Et gëtt och e Comité REACH-CLP an d'Liewe geruff, fir d'Applikatioun vun dem Gesetz ze iwwerwaachen.

Doniewent hunn och Associatiounen, déi an deem Beräich agéieren, en Abléck an des Dossierien.